Schoul
Ettelbréck

# Molconcours

D'Gemeng Ettelbréck rifft an dëser aktueller Situatioun dozou op bei engem Molconcours matzemaachen.

De Motto vum Molconcours ass:

**"Op wat freeën ech mech am meeschten, no der Zäit vum Coronavirus".**

Der Fantasie vun de Kanner si keng Grenze gesat. D'Regele vum Concours sinn och ganz einfach: Gemoolt gi kann op all méiglecht Material a Format (minimum DIN A4) an och d'Wiel vun de Faarwen ass egal.

Hannen op d'Récksäit vum Bild soll stoe kommen:
- Numm a Virnumm vum Kand
- Klass, Numm vum Enseignant an d'Schoul

D'Kanner sollen hiert Bild bei hirem Enseignant ofgi wann d'Schoul nees ugeet.

Eng Jury wäert déi schéinste Biller auswielen an d'Gewënner ermëttelen.
Fir de Cycle 2-4 gëtt dat schéinste Bild mat enger Klassefriess an engem lokale Restaurant belount.
Fir den Cycle 1 vun all Schoul gëtt dat schéinste Bild mat engem Pizzaiessen an der Schoul belount (Pizzae ginn och do selbstverständlech vu lokale Restaurante geliwwert).

Sämtlech Konschtwierker sollen dann och an enger grousser Ausstellung an engem Gemengesall dem Grand public gewise ginn an och am «Reider» publizéiert ginn.

Mir freeën ons elo schonn op vill flott Biller!